LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Énergie et de
l'Aménagement du territoire

Luxembourg, le 29/06/2020

REÇU
Par Alff Christian , 15:56, 29/06/2020

**Service central de législation**
**Monsieur Marc Hansen**
**Ministre aux Relations avec le Parlement**

**Objet :** Question parlementaire n°2264

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire n°2264 tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

Le Ministre de l'Energie,

Claude Turmes

**Äntwert vum Minister fir Energie op d'parlamentaresch Fro n°2264 vum 25. Mee 2020 vum Här Deputéierten Fernand Kartheiser iwwert de Site "ElectricityMap"**

Den Internet Site electricitymap.org, deen den honorabelen Deputéierten uschwätzt, baséiert op enger privater Initiative déi Donnéeë fir déi europäesch Transportnetzbedreiwer vun der "Transparency-Platform" vun ENTSO-E bezitt. Dëst ass den Daachverband vun den europäeschen Transportnetzbedreiwer fir de Stroum. Creos Luxembourg S.A., als eenzegen Transportnetzbedreiwer zu Lëtzebuerg, ass och Member an der ENTSO-E a liwwert seng Donnéeën och op dës Plattform.

Donnéeë vum Stroum, déi op dem Site electricitymap.org gewise ginn, weisen d'Resultater vum europäeschen integréierte Stroummarché. Well Lëtzebuerg awer an der selwechter Handelszon wéi Däitschland ass an doduerch um däitsche Maart drun hänkt, gëtt Lëtzebuerg net op dëser elektronescher Kaart getrennt vun Däitschland ausgewisen. Dëse Fait huet electricitymap.org op Ufro vu menge Servicer hin och confirméiert.

D'Fournisseuren zu Lëtzebuerg kafe fir hir Clienten oft bewosst grénge Stroum an, a soumat ass de Stroummix a Realitéit net deen nämmlechte wéi an Däitschland. Dee Stroummix, deen no den Dispositioune vum "Règlement grand-ducal du 21 juin 2010 relatif au système d'étiquetage de l'électricité" ermëttelt gëtt, kritt all Client vu sengem Fournisseur op der Ofrechnung matgedeelt.